

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg



Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

An engem Artikel, deen den 28.03.2021 an der däitscher Zeitung "Welt am Sonntag" publizéiert gouf, heescht et, datt d'EU-Kommissioun eng Auswärtung iwwer d'Kooperatiounsbereitschaft vun 39 Staate bei der Réckféierung vun hire Landsleit, virgeholl huet. Vun deenen 39 Staate, goufen der 14, nämlech den Irak, den Iran, Libyen, de Senegal, Somalia, Mali, Gambia, Kamerun, d'Republik Kongo, Ägypten, Eritrea, Äthiopien a Guinea-Bissau mat "mangelhaft" bewäert.

Falls des Staaten sech bei der Ëmsetzung vun hirer internationaler Verflchtung, fir eege Staatsbierger zeréck ze huelen, zukünfteg net méi kooperativ weisen, riskéieren si eng Rei Aschränkunge bei der Ausstellung fir Visaen an de Schengeraum. Sou kéint beispillsweis déi zäitlech Limitt vun der administrativer Behandlung vun der Demande fir e Visa erop goen an eng Taxe fir d'Ausstelle vun engem diplomatesche Visum erhewe ginn. D'EU-Kommissioun begrënnt des Approche domat, datt esou Moosnahmen am Contraire zu enger Kierzung vun der Entwécklungshëllef déi politesch verantwortlech Elite méi direkt trëfft.

Duerfir wéilt ech dem Här Bausseminister dës Froe stellen:

- 1) Wéivill Persounen aus deenen 14 genannte Länner befannen sech aktuell op lëtzebuergeschem Territoire, obwuel si net méi iwwert e gültigen Openthaltsstatus verfügen? Wéi verdeelen se sech am Eenzen op déi 14 Länner?
- 2) Vu wéi enge materiellen an immateriellen Zouwendunge profitéieren déi Persounen aktuell? Wéi vill kaschten des Zouwendungen de Staat all Mount?
- 3) Wéivill vun dese Persounen sinn aktuell an öffentleche Foyeren ënnerbruecht? Wéi verdeelen se sech op déi eenzel Hierkonftslänner?
- 4) Wéi stellt sech déi Lëtzebuenger Regierung zu deenen uewe beschriwwene Pläng vun der Kommissioun?
- 5) Gesäit den Här Bausseminister, am Beräich vun den nationale Visaen fir Leit aus deene genannte Länner, eng proaktiv Ergänzung vun deser Initiativ vir? Wa jo, woura bestinn des Mesuren? Wann net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 30 avril 2021

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe ma réponse à la question parlementaire n°4001
posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.


Jean Asselborn

**Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch
Fro 4001 vum honorabelen Députéierten Här Fernand Kartheiser**

- 1) Wéivill Persounen aus deenen 14 genannte Länner befannen sech aktuell op lëtzebuergeschem Territoire, obwuel si net méi iwwert e gültigen Openhaltsstatus verfügen? Wéi verdeelen se sech am Eenzelen op déi 14 Länner?

Wéi vill Persounen aus deene genannte Länner sech am Land ophale kann net erfaasst ginn. Dëst, engersäits, well Persounen Lëtzebuerg verloossen ouni den Autoritéite Bescheed ze soen, an anersäits, Persoune sech zu Lëtzebuerg ophalen ouni sech bei den Autoritéiten ze mëllen.

- 2) Vu wéi enge materiellen an immateriellen Zouwendunge profitéieren déi Persounen aktuell? Wéi vill kaschten des Zouwendungen de Staat al Mount?
- 3) Wéivill vun dese Persounen sinn aktuell an ëffentleche Foyeren ënnerbruecht? Wéi verdeelen se sech op déi eenzel Hierkonftslänner?

Den Office national de l'accueil mécht an deem Kontext a senge Statistiken keng Opdeelung op d'Hierkonftslänner vun de Persounen déi ofgewisen an en séjour irrégulier sinn.

Materiell an immateriell Zouwendungen hänke vun der Familljezesummesetzung a vum Statut of a ginn individuell zougesprach.

- 4) Wéi stellt sech déi Lëtzebuenger Regierung zu deene uewe beschriwwene Pläng vun der Kommissioun?

Och wann eng Rei vun Länner vun der Kommissioun an hirem Evaluationsrapport ernimmt ginn, bedeit dëst net automatesch, dass negativ Mesuren applizéiert ginn. Dofir misst de Memberstaaten eng Proposition vun der Kommissioun virleien.

- 5) Gesäit den Här Bausseminister, am Beräich vun den nationale Visaen fir Leit aus deenen genannte Länner, eng proaktiv Ergänzung vun dieser Initiativ fir? Wa jo, woura bestinn des Mesuren? Wann net, firwat net?

Lëtzebuerg stellt nëmmen a ganz gerénge Fäll national Visaen aus wann eng Persoun aus diverse Grënn en Openthalt vun iwwer 90 Deeg brauch. Well esou eng Ergänzung d'Ziel géif méi wei verfeelen, ass dëst net virgesinn.